



mer nach fir d'Leit do ass, deen de Service public, de Service universel, garantéiert. An ech mengen, dat ass de sprangende Punkt.

Wat Är Liesaart ugeet, wat de Pouvoir vum Minister ugeet, esou ass et net meng Liesaart, dass de Minister oder de Regierungsrot sech kann an déi Decisiounen immisceieren, wat d'Vente vun Immeublen oder d'Affektatioun vun Immeublen ugeet. Ech kann dat awer gären nach eng kéier reverifiieren. Mee dat ass net meng Liesaart. Dat ass effektiv eng Decisioun vum Conseil d'administration vun der POST.

De Ministre de tutelle huet e puer ganz enk gefaasste Pouvoiren, wat d'POST ugeet. En huet natierlech eng gewësse Softpower: Doduerch, dass en am permanenten Discours ass mat der POST, ass och eng gewësse Sensibilitéit do. An ech kann lech awer och soen, dass déi Leit, déi an der Responsabilitéit si bei der POST, net egal wat maachen an och net mat den Immeublén vun der POST egal wat maachen, sief et deen Hôtel des Postes an der Stad, oder awer och déi, déi elo op der Gare nei gemaach ginn, den Accinauto, dat aalt Postgebai, wat elo nei gebaut gëtt, mee awer och déi Immeublen op der Cloche d'Or.

Voilà. Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Fayot.

12. 7563 - Projet de loi modifiant la loi du 4 décembre 2019 relative à l'Office du Ducroire Luxembourg

Den nächste Punkt vum Ordre du jour vun haut de Mëtten ass de Projet de loi 7563 iwwert den Office du Ducroire. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Laurent Mosar, den Här Dan Biancalana, d'Madamm Josée Lorsché an den Här Sven Clement. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. André Bauler (DP), rapporteur.**- Merci, Här President, léif Kolleeginnen a Kollegen, a Coronazäiten ass den internationalen Handel net méi sécher ginn. Mir steieren op eng zolidd Rezessioun duer, wa mer net scho matzen dra sinn. An dat mécht sech och an eisen Handelsbeziéunge bemierkbar, wou Lëtzebuerger Betriber de Risiko lafen, net bezuelt ze ginn. Fir deem entgéintzewierken, gëtt et Versécherungsmechanisme vum Office du Ducroire, kuerz och nach ODL genannt.

Hei am Gesetzesprojet 7563 geet et ëm d'Ofännere vum Gesetz vum 4. Dezember 2019 iwwert den Office du Ducroire Luxembourg. Dëst an deem Sënn, datt dësen Établissement public weesentlech méi finanziell Mëttelen soll kréien, fir eebe méi héich Risiken ofzeddecken, déi krisbedéngt sinn, an domat eise Betriber, déi international aktiv sinn, zolidd ënnert d'Äerm ze gräifen.

Éier ech méi op den Detail vun dësem Gesetzesprojet aginn, erlaabt mer, e puer Wuert iwwert den Office du Ducroire en tant que tel ze soen. Den ODL ass 1961 als Établissement public an d'Liewe geruff ginn. Zanterhier besteet seng Missioun doranner, fir déi ekonomesch a finanziell Relatiounen an engem internationalen Kontext ze féerden, haaptsächlech duerch d'Couverture vu Risiken am Beräich vun den Exportatiounen an den Importatiounen souwéi den Investementer.

Duerch eng Konventioun tëscht dem Office du Ducroire an dem Staat, déi dee sougenannte „Comité pour la promotion des exportations luxembourgeoises“, kuerz COPEL, gegrënnt huet, ënnerstëtzt den Office du Ducroire zanter 2002 och zousätzlech lëtzebuergesch Exporter iwwert de Wee vun enger Participatioun un de Promotiounsonkäschte souwéi de Fraisen, déi mam Export oder der Formatioun ze dinne hunn.

Den ODL hëlleft de Betriber also, fir sech iwwert d'Grenzen eraus ze entwéckelen, Handelspartner ze fannen an esou am Ausland Fouss ze faassen. An anere Wieder: Hien dréit zur Kompetitivitéit vu Lëtzebuerg a vum Lëtzeburger Standuert a vun de Lëtzeburger Entreprisen bäi, fir dat méi prezis ze soen.

An Zäite vum Virus, also vum Covid-19, ass d'Roll vum Office du Ducroire nach méi wichtig gi wéi jeemools virdrun. Duerch déi verschlechtert Marchészoustänn ass d'Demande fir verschidden Assurancen, déi den Office du Ducroire ubitt, staark geklommen, wéi zum Beispill fir d'Assurancë vu Bankkreditte.

Dës Assurancen erméiglechen et de Finanzinstitute, fir hire Risiko géintiwwer lëtzebuergeschen Exportentreprisen, déi net vun hire

Clientë bezuelt géife ginn, ze reduzéieren. Grad an dësen Zäiten hu vill Entreprisen sougenannt Liquiditéitsschwieregkeeten, sinn also net flësseg, a froen hire Banquier oder hir Bankhaier, fir Crédits de caisse ze kréien. Den Office du Ducroire verséichert d'Banken an dësem Fall eebe géint den Netremboursement vun esou enge Kreditte.

Sougenannt Topassurancen, pardon, Top-up-Assurancë sinn am Moment och zimmlech gefrot. Dës Versécherungen erlaben, fir punktuell déi Transaktionsmontanten ze assuréieren, déi iwwert der Limitt vun deem leien, wat ee privatrechtlechen Assureur-crédit accordéiert huet. Ech erspueren lech wierklech déi technesch Detailler dozou. Mee aus reglementaresche Grënn hunn déi Assureurs-crédits d'Kreditte, déi verséichert Montanten, drastesch missen erofsetzen, egal ob d'Entreprise solvent ass oder net.

Dëst stellt vill Entreprises luxembourgeoises viru grouss Schwierigkeeten, fir hir kommerziell Échangé mat hiren auslännesche Clientë weiderzeféieren. Den Office du Ducroire spréngt dann hei an, fir dës Vide, deen duerch d'Erofsetze vum versécherter Montant duerch d'Assureurs-crédits entsteet, opzefüllen.

Nieft dës Produkter gëtt et nach weider Assurancen, déi vum Office du Ducroire proposéiert ginn, och an Zesummenaarbecht mat der Chambre de Commerce.

Eppes zu den Zuelen: Den Office du Ducroire assuréiert am Kader vum Covid-19 elo schonn Transaktiounen an engem Montant vu bal 150 Milliounen Euro. Am Ament ginn nach Demandé behandelt, déi dëse Montant op bal 320 Milliounen Euro klamme loosse këinten.

Fir awer elo bei de Projet de loi u sech ze kommen: Dësse Projet de loi proposéiert, d'Grenz vun den Engagementer, déi den Artikel 38 Paragraf 1 vum Gesetz iwwert den Office du Ducroire fir d'Aktivitéite „pour le compte de l'État“ - esou gi se genannt - virgesäit, fir d'Joer 2020, also fir dëst Joer, opzelackeren.

Ënnert d'Formule „pour le compte de l'État“ falen déi Operatiounen, déi weinst der Gravitéit oder der Dauer vun hirem Risiko normalerweis net vum Office du Ducroire gedroe ginn. Wann de Regierungsrot awer fënn, dass et opportun wier oder ass, dass déi Operatiounen verséichert ginn, ginn dës iwwert d'Formule „pour le compte de l'État“ ofgewéckelt.

Fir dës Engagementer ass den Ament en duebele Plaffong virgesinn, also an der aktueller Legislatioun. Engersäits dierfen d'Engagementer maximal 20-mol sou grouss si wéi d'Fonds propres, also d'Eegekapital vum Office, oder anerersäits bis zu 20 % vum globale Montant vun Engagementer, déi den ODL am Kader vu sengen Aktivitéite mat Staatsgarantië mécht.

D'Zuelen, déi ech lech virdru virgestallt hunn, weisen, dass dëst eeben net duergeet. Dowéinst gëtt e véierte Paragraf bei den Artikel 38 derbäigesat, deen de Plaffong fir Pour-le-compte-de-l'État-Aktivitéiten op 50-mol d'Fonds propres fir d'Joer 2020 erhéicht. Deen zweete Plaffong wäert dëst Joer net ugewannt ginn.

Komme mer dann nach séier zu den Avisen! De Staatsrot huet a sengem Avis vum 5. Mee 2020 eng Opposition formelle musse formuléieren. Déi héich Kierperschaft huet sech mat der Formulatioun vun der Situation économique exceptionnelle schwéiergedoen. Et géif heifir keng Definitioun ginn an duerfir vill Froen opwerfen, soudass eng Rechtsongesécherheet bestoe géif.

Den Artikel 2 vum initiale Gesetzesprojet iwwert d'Entrée en vigueur konnt de Staatsrot weinst senger Formulatioun net zefriddestellen. Dësen Artikel gouf doropshi vun der Finanz- a Budgetkommissioun gestrach.

Des Weideren huet de Staatsrot misse feststellen, dass d'Fiche financière keng Inzidenz vum Projet de loi op de Staatsbudget virgesäit, obwuel d'Garantien eventuell mussen ageléist ginn.

Am Avis complémentaire vum 26. Mee konnt déi héich Kierperschaft hir Opposition formelle fir den Artikel 1 ophiewen. Si preziséiert awer fir dee selwechten Artikel, dass Lëtzebuerg sech net an engem État d'urgence sanitaire befënn, dee vun der Regierung dekréiert ginn ass, mee dass et sech heibäi ëm en État de crise handelt, deen op de Règlement grand-ducal vum 18. Mäerz 2020 baséiert ass. D'Finanz- a Budgetkommissioun huet hei de Libellé vum Staatsrot natierlech iwwerholl.

D'Handelskummer begréisst an hirem Avis vum 21. Abrëll de Gesetzesprojet. Do dernieft deelt si d'Bedenke vum Staatsrot, wat d'Determinatioun vun enger Situation économique exceptionnelle ugeet a wat de budgetären Impact vun dësem Gesetzesprojet betrëfft. D'Handelskummer begréisst an hirem Avis complémentaire vum 4. Juni d'Amendementen an ënnerstëtzt d'Remarken aus dem Avis complémentaire vum Staatsrot.

D'Salariatskummer an d'Handwierkerkummer hunn an hire respektiven Aise keng Bedenke formuléiert. Dat gesot, bleift mer nach just, lech Merci ze soe fir Är Opmierksamkeet, souwéi och e Merci fir déi konstruktiv kritesch Maataarbecht oder d'Matschaffen an der Finanz- a Budgetkommissioun.

An ech ginn natierlech och hei op dëser Plaz direkt den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet. Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Bauler. Dat war eng Punktlandung. Op d'Sekonn hutt Der Är Riedezäit agehal. An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar agedroen. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Jo. Merci, Här President. Merci un de Rapporteur, deen dat wéi ëmmer op eng perfekt Aart a Weis gemaach huet. En huet haaptsächlech och nach eng kéier op d'Wichtigkeet vum Office du Ducroire generell higewisen, awer och op d'Wichtigkeet a Krisenzäiten, wou et wichtig ass, datt awer den internationalen Handel ka weider fonctionéieren an datt de Risiko fir déi lëtzebuergesch Entreprisen sou wäit wéi méiglech minimiséiert gëtt. Duerfir ass dat heiten e ganz wichtige Projet. An duerfir wäerte mir deen och als CSV matstëmmen.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Mosar. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Dan Biancalana.

► **M. Dan Biancalana (LSAP).**- Merci, Här President. Ma ech wéilt dem Rapporteur, dem André Bauler, Merci soe fir säi ganz gudde mëndlechen an och schrëftleche Rapport. Haut geet et drëms, d'Risiko vum Office du Ducroire, deen e vitalen Acteur ass an den Entreprene, déi exportéiere wëllen, jo hëlleft, ze couvréieren. An ech mengen, dat ass e ganz wichtigen Aspekt.

D'LSAP begréisst dës gezielte Moossnam, a mir droe se och deementspriedend mat. Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Biancalana. An ech ginn d'Wuert direkt weider un d'Madamm Josée Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché (déi grëng).**- Villmools merci, Här President. Och mir als grëng Fraktioun soen dem Änder Bauler e grouse Merci fir säi gudde Rapport. Mir hu schonn Enn 2019 den Office du Ducroire ënnerstëtzt. Do hu mer d'Gesetz modifizéiert. An natierlech schlësse mer eis och hei dëser Modifikatioun un, déi sech jo opdrängt op Basis vun der Covidkris. Dat ass wichtig! An an deem Sënn kënnst eisen Accord dann och haut.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Lorsché. An da ginn ech d'Wuert un den honorabelen Här David Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Merci, Här President. Obwuel den Här Bauler e ganz gudde Rapport gemaach huet, muss ech lech enttäuschen, genausou wéi beim leschte Vott iwwert den Office du Ducroire, datt mir dat net wäerte matdroen an net wäerte matstëmmen.

Éischtens, well mer weiderhin der Meenung sinn, datt d'Ausrichtung vum Office du Ducroire net onbedéngt gutt ass an datt mer net agesinn, datt d'Kollektivitéit systematesch muss Risiken agoe fir d'Industrie.

D'autant plus, d'autant plus, datt u sech d'Krittäre guer net transparent sinn. Si waren et net a si sinn et elo nach ëmmer net. An dat ass och schonn oft ugeprangert gi vun den ONGen a vun der Société civile. Et weess een net, ob déi Entreprene, déi an de Genoss dovunner kommen, och d'Ëmwelt respektéieren, d'Mënscherechter respektéieren, d'sozial Rechter respektéieren. A mir sinn der Meenung, datt awer do weinstens och schonn eng Partie Konditiounen hätte misse matagebonne ginn.

Dat ass net de Fall, genausou wéineg wéi et de Fall war bei der Garantie bancaire, déi mer och net matgestëmmt haten, well mer der Meenung waren, datt een ze large ëmgeet an datt een awer eng Partie Krittäre muss festleeën. Dat ass eppes, wat d'Zivillgesellschaft hei zu Lëtzebuerg dem Office du Ducroire ëmmer virwerft.

An deem Sënn wäerte mer dat heiten net matstëmmen. Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wagner. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kollegen, den Här Bauler huet de Rôle, mengen ech, ganz gutt ëmrass, wat den Office du Ducroire mécht a firwat et wichtig ass, a grad an dëser Zäit esou néideg ass, och elo déi Modifikatiounen virzehuelen.

Ech wëll awer meng Riedezäit ganz kuerz dofir notzen, fir op e kleng Bemoll vun deem anzegoen, wat den David Wagner och schonn ugedeit huet: Nämlech, datt eng Finanzéierung an och eng Assurance vun Exportleeschunge mat sech bréngt, datt et en Export gëtt, an datt eeben net kontrolléiert gëtt, ob dat en Export ass, deen och mat deenen aneren Ziler vum Land an Aklang ass. Ech denken do ganz besonnesch un d'CO₂-Emissiounen, déi natierlech entstinn, a wou bis elo keng Pist opgewise gëtt, wéi déi kéinte reduzéiert ginn. Och do géif ee sech erwaarden, datt et awer nei Pist gëtt, wéi een déi Exporter kéint méi ëmweltfrëndlech gestalten.

Trotz dësem Bemoll denke mer, datt et wichtig ass, Entreprene, déi duerch d'Kris getraff sinn an déi am Export tätég sinn, egal a wéi engem Domän vum Export tätég sinn, net am Ree stoen ze loossen. An dofir wäerte mir Piraten och dësse Projet matstëmmen.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert. An dat mécht de Mëttelstandsminister Lex Delles a Verriedung vum Här Finanzminister Pierre Gramegna.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes, en remplacement de M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Merci villmools, Här President.

Plusieurs voix.- A.

► **M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes, en remplacement de M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Jo, de Finanzminister ass am Moment um ECOFIN, dofir kann e leider am Moment net derbäi sinn. Mee en huet mer awer natierlech seng verschidden Notte matginn.

Ech mengen, dass et besonnesch e Projet ass, wou ech wëll, fir unzefänken, dem Rapporteur villmools Merci soe fir deen exzellenten a komplette Rapport, deen e gemaach huet. D'Wichtigkeet vum Office du Ducroire, mengen ech, gëtt hei am Fall net méi a Fro gestallt. Ech mengen, dass et sech eebe grad an dësen Zäite weist, och mat deem Projet de loi hei, wéi wichtig dass et ass, dass e kann agräifen, eebe grad och, fir hei déi Assurance kënnen ze ginn: D'Eropsetze vun där duebeler Konditioun, wéi se grad genannt ginn ass, sief et déi 50 %, fir kënnen Hëllefene ze ginn, op där anerer Säit awer och déi duebel Konditioun, déi fir 2020 dann ausgesat gëtt, mengen ech, weist och, wéi wichtig dass den Organisme vum Office du Ducroire ass.

An ech wëll domat nach eng kéier villmools Merci soen.

Plusieurs voix.- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Delles. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7563. Den Text steet am Document parlementaire 7563⁷.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7563 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen. Duerno maachen ech den Appel nominal fir de Vote par procuration.

Wien ee Vote par procuration wëllt ofginn, dee soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dësse Projet de loi mat 57 Jo-Stëmme bei 2 Nee-Stëmmen ugehall.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7563 est adopté par 58 voix pour et 2 abstentions.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Cloesener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;



Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenus : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

13. 7527 - Projet de loi portant modification de

1^o la loi modifiée du 18 décembre 2015 relative à la Norme commune de déclaration (NCD) ;

2^o la loi modifiée du 24 juillet 2015 relative à FATCA

Deen nächste Punkt vun eisem Ordre du jour vun de Mëtten ass de Projet de loi 7527 iwwer een automateschen Informationsaustausch am Beräich vun der Besteuerung. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech ginn d'Wuert direkt un de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Guy Arendt** (DP), rapporteur.- Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, beim Gesetzesprojekt 7527 geet et drëms, fir d'Obligatioun vum de Finanzinstituter am Beräich vun automateschen Informationsaustausch bei Steieren a méi genee bei de sougenannte „Registres des actions engagées et éléments probants“ gesetzlech explizitt ze verankeren. Dofir ginn zwee Gesetzer ëmgeännert: Engersäits dat ofgeännert Gesetz vum 18. Dezember 2015 iwwert d'Norme commune de déclaration, an anerersäits dat ofgeännert Gesetz vum 24. Juli 2015 iwwert de FATCA, dat den Échange automatique d'informations mat de Vereenegte Staate reegelt.

Éier ech bei de Fong vum Gesetzesprojekt selwer kommen, erlaabt mir, Här President, fir kuerz op de Kader anzugeen, an deem mir eis hei beweegen! D'Norme commune de déclaration, déi sougenannten NCD, ass 2014 um Niveau vun der OCDE an d'Plaz gesat ginn an huet duerch d'Direktiv 2014/107 eng legal Basis op europäeschem Niveau kritt. Déi Norm reegelt den automateschen Informationsaustausch vu Comptes financiers am Kontext vun de Steieren am europäesche Raum an doriwwer eraus.

De Forum mondial, eng Ënnerorganisatioun vun der OCDE, war beoptraagt ginn, fir d'Emsetze vun der NCD ze monitoren. An hei ass ënner anerem eise legislative Kader ënnert d'Lupp geholl ginn. D'Konklusioun vun dësem Monitoring ass, dass mir eigentlech ganz gutt dostinn, an dass mir als „early adopter“ figuréieren, also als Land, dat ganz schnell d'NCD applizéiert huet, an dat ee Joer virun deene meeschten anere Länner.

De Forum mondial huet just op engem klengen Punkt misse feststellen, dass mir nobessere kéinten. An zwar: Eis Finanzinstituter zu Lëtzebuerg sinn de Moment net ausdrécklech verpflichtet, fir dee genannte Regëster ze féieren.

Dëse Regëster lëschd déi follgend Aktiounen op. Dat sinn: D'Prozeduren, d'Kontrollen oder déi informatesch Prozesser, déi vun de Finanzinstituter en place gesat gi sinn, fir hiren Deklaratiounsflichten nozekommen an hir sougenannten Diligence raisonnable ze maachen. Dorënner versteet een zum Beispill de sougenannte „KYC“, dat heescht, den „Know-your-customer“, also d'Informatiounen iwwert d'Identitéit vum Client.

D'Haaptzil vum Projet de loi ass also, fir dëse Regëster explizitt am Gesetz virzegesinn. Et gëtt awer och dovunner profitéiert, fir d'Obligatiounen, d'Verpflichtunge vun de Finanzinstituter méi kloerzemaachen. An am Sënn vun enger méi grousser Rechtssécherheet sollen och d'Investigationspouvoir vum de Verwaltung méi kloer formuléiert ginn. Schliisslech ginn d'Amenden nobessert an der Realitéit um Terrain ugepasst. Dëst zum Volet vun der NCD.

All déi Ännerunge gi parallel zum Gesetz iwwert den automateschen Informationsaus-

tausch bei Steiere mat de Vereenegte Staaten, dem sougenannte FATCA-Gesetz, applizéiert. D'NCD an d'FATCA hunn dat selwecht Zil an ënnerleien deem selwechte Mechanismus an der Verwaltung. An et ass deemno opportun, fir e Parallelismus tëschent deenen zwee Gesetzer bäizebehalen.

Wat de Fong betrëfft, änneren d'Artikelen 1 bis 4 d'Gesetz iwwert d'NCD of. Den Artikel 1 gesäit Follgendes vir: Éischtens, dass déi viséiert Finanzinstituter keng Praktiken uwenden dierfen, fir den Échange automatique d'informations ze ëmgoen. Zweetens, dass se e Regëster vun hiren Aktiounen an Éléments probants mussen aféieren, déi hinnen erlaben, fir hiren Obligatiounen ënnert der NCD nozekommen. Et gëtt och virgesinn, dass déi Finanzinstituter e Message, e sougenannte Message à valeur zéro, kommunizéieren mussen, falls se kee Compte déclarable hunn.

Weider ginn d'Amendementen (veuillez lire: d'Amenden) un d'Realitéte vum Terrain ugepasst. Ënner anerem wäert d'Steierverwaltung keng onpraktikabel Kontrolle méi duerchféieren, fir de Montant vun de Strofen ze evaluéieren. D'Verwaltung wäert an Zukunft kënne mat forfaitairen Amendé reagéieren.

Deen éischte Punkt vum Artikel 4 definéiert d'Pouvoir vum der Steierverwaltung, fir d'Kontrolle bei den Acteuren duerchzeféieren. Deen zweete Punkt gëtt der Steierverwaltung Zougank op de Regëster mat den Aktiounen an den Éléments probants. An den drëtten Punkt vum Artikel 4 reegelt d'Verjärungsfrist vum Pouvoir d'investigation, deen op zéng Joer festgesat ass. D'Artikelen 5 a 6 applizéieren d'Dispositiounen vun den Artikelen 1 a 4 vum Gesetzesprojekt, mutatis mutandis, am FATCA-Gesetz.

De Staatsrot huet a sengem Avis keng Opposition formelle formuléiert. Eng vun den Observatiounen vun der héijer Kierperschaft betrëfft d'Extensioun vum Uwendungsberäich. De Staatsrot ass nämlech der Meenung, dass d'Direktiv net nëmme d'Institutions financières déclarantes géif viséieren, mee och d'Personnes physiques an d'Intermédiairen.

An der Cofibu hu mer awer decidéiert, fir beim initialen Text ze bleiwen, well deen net nëmme déi 150 Banken op der Plaz betrëfft, mee zum Beispill och Investmentfongen a Venture-capital-Enterprisen. De Gesetzesprojekt viséiert ronn 6.000 Entitéiten.

Anerersäits proposéiert de Staatsrot, dass de Regëster net nëmme d'Comptes déclarables ëmfaasst, mee dass all Comptes financiers sollen heirënnerfalen. Do huet d'Cofibu (ndlr: d'Commission des Finances et du Budget) och decidéiert, beim originalen Text ze bleiwen.

De Staatsrot huet och e puer Remarken um legalen Niveau gemaach, notament iwwert den Titel vum Projet de loi. Déi proposéiert Formulatioun gouf zrëckbehalen, fir e méi expliziten Intitulé ze hunn.

D'Handelskummer huet hirsäits an hirem Avis vum 14. Abrëll geschriwwen, dass si net wëisst, ob d'Dispositiounen vum Gesetzesprojekt den Observatiounen vum Forum mondial Rechnung géif droen, vu dass de Rapport net ëffentlech ass.

D'Chambre de Commerce hätt sech bei der Kommunikatioun vun engem Message zéro, also wann et näischt ze deklaréieren gëtt, eng aner Approche gewënscht, déi iwwer eng Aschreiwung bei der Steierverwaltung gaange wier.

D'Staatsbeamtekummer hirsäits approuvéiert de Projet de loi an hirem Avis vum 7. Mee vun dësem Joer.

Här President, dat gesot, soen ech all de Mataarbechter Merci, och de Kollegeinnen a Kollegen an der Cofibu fir hir gutt Zesummenarbecht. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren. An ech ginn natierlech am Numm vun der DP-Fraktioun den Accord zu dësem Gesetzesprojekt.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Arendt. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar agedroen. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Merci, Här President. Och e grousser Merci un de Rapporteur, dee souwuel säi schrëftleche wéi mëndleche Rapport mat ganz vill Kompetenz a Wëssen hei duergeluecht huet. En huet notament op d'Wichtigkeet vun deem Gesetz higewisen, och nach eng Kéier op déi Bestëmmungen, déi u sech aus der OECD kommen. En huet awer och nach eng Kéier drop higewisen, dass et u sech hei och ëm eng Emännierung vum FATCA-Gesetz geet.

Ech wollt vläicht just nach eng Kéier drun erënnere fir déi Kollegeinnen a Kollegen, déi nach net sou laang derbäi sinn: U sech ass de FATCA-

Agreement eigentlech dee gewiescht, deen eigentlech fir d'Ofschafung vum Bankgeheimnis steet. Dat war deemools e laange Kampf, deen ausgefouert ginn ass, bis dann ee Moment d'amerikanesch Administratioun decidéiert huet, iwwer e FATCA-Agreement eigentlech en Abléck an d'Konten vun anere Residenten ze kréien.

Haut schwätzt quasiment kee méi vun deem FATCA-Agreement. Mir änneren deen haut op eenzelne Punkten ëm.

Ech géif op jidde Fall och fir dëse wichtege Projet den Accord vu menger Fraktioun bréngen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Mosar. An da wier et um honorabelen Här Georges Engel.

► **M. Georges Engel** (LSAP).- Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. Meng Fraktioun ënnerstëtzt dës Ännerungen, well se an déi richteg Richtung gi fir Lëtzebuerg, a Lëtzebuerg och eng méi transparent a méi eng propper Finanzplaz doduerch kritt. An duerrfir ënnerstëtze mer dat heiten.

Ech ginn och den Accord vu menger Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Engel. An ech ginn d'Wuert direkt weider un déi honorabel Madamm Josée Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng).- Merci, Här President. Och déi gréng Fraktioun ënnerstëtzt dëse Projet de loi a seet natierlech dem Här Guy Arendt e grousser Merci fir säi gudde Rapport.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Madamm Lorsché. An da geet d'Wuert un den honorabelen Här David Wagner.

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Merci, Här President. Jo, mir wäerten dee Projet de loi och matstëmmen, well e geet an déi richteg Richtung. Kleng Bemollen awer trotzdeem: Et muss ee sech virstellen, wa jiddereen hei eng Bank wier, da wier d'Konfrontatioun mam Gesetz eng ganz aner, well mer jo hei e Gesetz stëmmen, wou mer eis an engems och bewosst sinn a wou mer dat och draschreiven an dat och soen, dass mer net onbedéngt iwwert d'Mëttele verfügen, fir ze kucken, ob déi, déi viséiert sinn, och dat duerchsetzen, wat d'Gesetz seet.

An dofir hu mer dann och eng Amende forfaitaire vun 10.000 Euro agefouert. Ob déi wierklech der Héicht entsprécht, wësse mer net. Mee dat ass jo fir all déi Banken an déi Instituter, déi u sech de Montant net kommunizéieren. Et ass natierlech eng ganz aner Saach, wann eng Enquête approfondie gemaach gëtt, dass se do mat enger anerer Amende konfrontéiert ginn, also vun 250.000 Euro, an déi majoréiert gëtt mat 0,5 % vun deem, wat net kommunizéiert gouf. Dat ass natierlech eng aner Geschicht.

D'Fro bleift awer déi, ob mer déi Mëttele hunn, ob d'ACD (ndlr: Administration des contributions directes) iwwert déi Mëttele verfügt, fir déi 6.000 Instituter, déi de Rapporteur a sengem gudde Rapport opgezielt huet, all kënnen ze kontrolléieren. Et ass natierlech immens vill, mee mir mussen eis awer och weiderhin ustrengen, fir eis déi Mëttele ze ginn, fir déi Kontrollmëttele eeben och kënnen effikass ëmzesetzen.

Ech wëll net soen, dass dat net ugefaangen huet; dat huet ugefaangen. Ech wëll net soen, dass et einfach ass, fir och all déi Leit ze rekrutéieren, mee dat muss ee weider maachen. Dat ass en Effort, deen ee muss maachen, och wann et eppes kascht. An dofir wäerte mer awer trotzdeem deen heite Projet de loi matstëmmen, wuel wëssend dass déi puer Bemollen do bestinn.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wagner. De leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

► **M. Sven Clement** (Piraten).- Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, ech wollt och profitéieren, fir dem Rapporteur, dem Guy Arendt, hei e grousser Merci ze soe fir säin exzellente Rapport, virun allem och well en nach eng Kéier op eng Fro zrëckkomm ass, déi ech an der Kommissioun opgeworf hat, wat eeben déi Amende-forfaitaire, iwwert déi mer hei schwätzen, ubelaangt.

Et ass net üblech oder net heefeg, dass mer hei an der Chamber esou eng konsequent Hausse u sech vun enger Amende forfaitaire stëmmen. An ech mengen, dass et dofir och wichteg war, dat an de parlamentareschen Aarbechten ze erwänen. An dofir nach eng Kéier e grousser Merci un de Rapporteur, deen dat exzellent opgeschafft huet.

Ech mengen, wat d'Basis vun deem heite Projet ass, souwuel wat d'NCD wéi och de FATCA ubelaangt, gouf scho vill gesot, souwuel vum Rapporteur wéi vun de Kollegen, deen kann ech mech just uschlëssen.

Fir eis Piraten ass et immens wichteg, dass mer heimadder eng weider Bréck am Kader vum Kampf géint Steuerhannerzéiung, Geldwäsch an aner nefast Aktivitéiten op der Bankeplaz u sech kënnen leeën, dass mer domadder sécherstellen, dass mer eeben net op enger groer oder souguer op enger schwaarzer Lëscht landen, dass mer derfir suergen, dass d'Transaktiounen hei op der Plaz propper sinn.

Ech mengen, mir hunn hei d'Chance, fir Virreider ze sinn, fir net als Nachzügler, wéi mer dat an der Vergaangenheet virun e puer Jorzéngten awer gären emol waren, ze sinn, mee dass mer wierklech hei Virreider sinn. Dass mer weisen: Zu Lëtzebuerg akzeptéiere mer eebe kee Schmu. Mir schaffe mat eisen Nopeschlänner zesummen, mir schaffe mat eise Partnerlänner zesummen, an dat, wann et drëm geet, fir d'Kriminalitéit auszerotten.

An ech mengen, dass ass dee wichtege Message, dee mer haut ginn. An dofir wäerte mir dëse Projet och matstëmmen.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert. An dat mécht nach eng Kéier den Här Mëtzelstandsminister Lex Delles a Vertriebung vum Här Finanzminister Pierre Gramegna.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Lex Delles**, *Ministre des Classes moyennes, en remplacement de M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances*.- ... deen nach ëmmer um ECOFIN ass. Loosst mech, fir unzefänken, dem Rapporteur villmools Merci soe fir dee ganz ausféierleche Rapport!

Transparenz an déi administrativ Kooperatioun an der Fiskalitéit gehéieren zu der konstanter Politik vu Lëtzebuerg. An d'Efforten, déi Lëtzebuerg souwuel am Informationsaustausch op Demande wéi awer och am automateschen Informationsaustausch gemaach huet, si considerabel a weisen eebe grad, dass Lëtzebuerg op engem héije Konformitéitsniveau ass.

Wat den automateschen Informationsaustausch ugeet, wäert de Forum mondial am Laf vun 2020 d'Gesetzer iwwerpräiwen, mat deene seng Memberen d'NCD ëmgesat hunn. Et ass also primordial, sech déi néideg Mëttele ze ginn, eeben och hei konform ze sinn, fir eeben do och ganz virbäi ze sinn. An de Rapporteur huet et scho gesot: Early Adopter ze sinn, ass ganz wichteg; an dësem Fall nach eng Kéier ee Joer virun deenen anere Länner, fir eis eeben och grad do ze positionéieren, wou mer sinn.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Delles. D'Diskussioun ass domat ofgeschloss.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7527 et dispense du second vote constitutionnel

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7527. Den Text steet am Document parlementaire 7527⁴.

Fir d'Éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen. Duerno maachen ech den Appel nominal fir de Vote par procuration.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi mat 59 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugehall.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7527 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galle, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;